# UM DOMMAGE DE GUERRE 1948



I. Employé: Ech mengen fir haut hun ech schon genuch geschafft.
(Helt Zeitong eraus)

II. Employé : Moien Jemp, hei bass du schons do ? et ass dach eréscht zéng op ning.

I. Mä.. ech haut welles én dossier ze erlédegen. Dofir sinn ech e bessen mé fré' kôm, mäwé ech hohem eraus gânge sinn hun ech gemierkt dass ech de Schlessel vu méngem Schreiwdesch vergies hat an do wollt ech net nach éng ké'er en opgoen sichen. Mä so wat schaf's du dann haut?

II. Wârt ech soen dir dat direckt (Geheit e Frang an d'Luet a kukt op wat fir éng Seit hé fällt ) - Neischt !

I Mä da pâken ech dir éng Hand un . (Liesen allen zwé an der Zeitong ) . Et klappt a kurzen Ofstänn un der Dier, ohni dat dé zwén drop réagé'eren. - Dén dé geklappt huet kent e= ran ohni dass hén eppes gesot huet.

II. Wârt éng Minut dir gitt geruff.
- De Jong géht eraus, dé aner zwé liesen weider an der Zei= tong. No énger Zeit rifft dén II. Empl. " Entréz "
De Jong géht op den II Empl. lass : Ech kommen

I. (ennerbrécht'en) Huelt iech Plâtz !

II. ( zum I. ) Hues de gelies wé d'Spora geschter gewichst ginn ass ?

I. Ech kann eso eppes iwerhâpt net mé kucke goen, d'ass jo fir ze kreischen wann én dé geseit spillen.

II. Wat wells du hun et ass kén No'wues do.

I. (adressé'ert sech un de Jong dén nach emmer um Stull setzt. Wat hu mir dann neis Méschter ?

Jong: Mä dir hat mer am August 1945 versprach dir gingt mir mei Krichsschued schécken, an ech wollt elo emol kucke kommen, wé et domat wir. Ech hun nach emmer neischt kritt.

I. Ma da losst mer emol kucke goen, wé ass äre Num.?

Jo. Albert Schmitt

I. ( sicht nom dossierr, a mécht' en op). Hei félt nach e certi=

ficat politique, an éng demande.

Jo. Den certificat politique hat ech schon 1945 a geschéckt.

I. Wann der en ageschéckt huet da wärt ech en och fannen.
Da losst mer elo nach demande ausfellen.
ären Numm

Jo. Albert Schmitt

I. Wéni a wo' gebuer ?

Jo. Zu Ho'eschter den 5te September 1923

I. Bestued ?

Jo. Oh ! Mam, nén .

I. (kuckt op d'Auer) eso Nick et ass élef Auer, ech muss nach éng Komission mache goen, fuer du virun mat dé'er Affaire hem. ( dét sein Hut a sei Mantel un.
Au revoir Nic bis hau de Mettech .

II. So léwer au revoir bis muer, well ech kommen de Mettech net méng Frâ firt op Didenhofen sech e Mantel kâfen, a da muss ech op d' Kand uecht ginn.

I. Dajè bis muer de muergen.

II. Wo hu dir virum Krich geschafft.?

Jo. Op der Schmelz

II. A wo schaft der elo ?

Jo. Och op der Schmelz

II. Mä dann hu dir jo är Pei', da brauch der jo ké Krichsschued kuckt op d'Auer, stéht op an dét sech un) Et dét mir léd an ärer Affaire ass neischt ze machen bis d'Gesetzt eraus ass iwert de Krichsschued.

Jo. (zum Publikum) Ech warde schon drei Ja'r drop !

II. War dir net schon hei ?

Ma. Dach, mâ dir kent mech net erem kennen, well dat sinn elo gené 42 Joer, dass ech firt lescht hei war.

II. Wart ech kucken emol nom dossier . (sicht éng Zeit lang ohni den dossier ze fannen ) Ech kann ären dossier net fannen, hat dir dann iwerhapt eppes hei ugemellt ?

Ma. Mä gewess dat, dé wir gelacht, elo warden ech schons 45 Joer op mei Krichschued, an dir sollt kén dossier hun. !

I. Dé demande vun démols huet jo iwerhapt ké Wert mé. Ech ginn iech elo e formular, dass är Kanner, wann der dot sit Ierwen sinn vun ärem Krichschued. Wann dann d'Gesetzt eraus ass, a wann är Kanner dann net och schons dot sinn da krée sie äre Krichschued. ( Gett him e Formular )

Ma. Also brauch ech net mé op e Su ze rechnen, a méng Kands=kanner kréen wann se chance hun mei Krichsschued. Merci dir Hären, dir huet mer wénegstens d'Hoffnong net.

I. Et dét ons lét, mä d'Gesetzt ass nach net eraus an et ass och ké schued, well wat géng mat ons gesché'en: ech kréen nämlech an zwé Joer d'Göllen Auer hei um DOMMAGE DE GUERRE.

= 

2ten Opzuch

1990

dé selwechte Büro. Dé zwé Beampten hun e Bârt.

I. (Kuckt vun der Zeitong op) So hic ech liesen elo grad dass de Steil, de President vun der Ligue "Ons Jongen", geschter gestuerwen ass.

II. Mä wat ass dém da geschitt ?

I. Majo, de Jong war alt schon's âl; e krût elo 70 Joer.

- Et k

- Et klappt an et kent en âle Man eran. : Moien dir Hären.

I. + II. Bonjour Monsieur !

I. Fir wat wir et ?

Man : Ma ech sinn e Member vun der Ligue "Ons Jongen" Dideleng an ech wollt froen wé et ass mat méngem Krichsschued ? a mat dem Loh'nauqfall dén ech am Krich 1940 bis 1945 hat, den Dupongs Pétchen hat mer am März 1966, âcht Déch ier hien sei Jong zu STâdtsminister ernannt huet versprach, e géng no ménger Affaire kucken. Ma et huet sech nach neischt gero'ert.

I. Wé ass ären Numm

Ma. Albert Schmitt

I. Gebuer ?

Ma. Den 3te September 1923